



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an der Ministesch fir  
Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6647 vum 10. August 2022  
vum Här Deputéierten André Bauler.**

*- Wéi ass de Waasserpegel vun der Mosel an de leschte Méint evoluéiert ?*

D'Waasserstänn sinn opgrond vun der Dréchant an dem doraus resultéierendem Niddregwaasser an de leschte Méint um Pegel Stadtbredimus ob 220 cm gefallen. Bei engem Pegelstand vun 220 cm ass eng Fahrrinnendéift vun 3 m garantéiert.

Opgrond vun Offlossschwankungen vun der Uewermusel kënn et zu weideren klengen Stauzielënnerschreidungen. Doduerch ass Fahrrinnendéift aus Sécherheetsgrënn mam Accord vum Wasserstrassen- und Schifffahrtamt Mosel-Saar-Lahn vun 3,00 m ob 2,80 m erofgesat ginn. D'Schëfffaart ass iwwert en Avis entspriechend ugewisen ginn.

*- Bis wéini riskéiere keng Schëffer méi op der Mosel fueren ze kënnen ?*

Nëmmen uewen am franséschen Deel vun der Moselwaasserstrooss sinn am Beräich vum Moselkilometer 363,62 (Fontenoy, bei Toul) bis Kilometer 392,10 (Neuves-Maisons) 4 Schléisen zanter dem 11. August 2022 bedéngt duerch Niddregwaasser ausser Betrib. Do sinn d'Schléisen awer an engem Kanal nieft der Mosel gebaut an hunn doduerch manner Offloss.

Ob der Ënnermusel an an dem däitsch lëtzebuergeschem Kondominium gëtt d'Schëfffaart eréischt agestallt wann den Offloss géint 0 m<sup>3</sup>/s tendéiert an dëst extrem Auswierkungen ob d'Stauzieler huet.

*- Riskéieren d'Transportproblemer um Rhäin dozou ze féieren, datt mir Enkpäss oder souguer e Stop bei der Liwwerung vu Petrolsprodukter oder anere Wueren ze kréien?*

D'Niddregwaasser um Rhäin a déi domat verbonne Transportproblemer hunn effektiv en Impakt op d'Liwwerungen vu Petrolsprodukter esou wéi vun anere Wueren um lëtzebuurger Marché. D'Schëffer déi den Hafen zu Mertert beliwveren, komme bei Niddregwaasser oft just mat engem Drëttel vun hirer normaler Kapazitéit un.

Am Fall vun extremem Niddregwaasser, wier d'Beliwverung vum Merterter Hafen a deementspriechend vum lëtzebuurger Marché ganz staark limitéiert, respektiv see kéint souguer géint Null tendéieren wat Petrolsprodukter betrëfft. Den Hafen zu Mertert ass allerdéngs eng trimodal Plattform déi weiderhin iwwert den Eisebunnsuschluss beliwwert ka ginn, och wann et sech dobäi em däitlech manner Quantitéiten handelt ewéi mam Schëff. Nieft de Petrolsprodukter ginn et och Enkpäss fir Sand a Kies mat Impakt op d'lëtzebuurger Bauindustrie, esou ewéi fir Düngemëttel, awer och fir Metallprodukter fir d'Stolindustrie.

Op Säite vun den Laangstohlexporter gëtt domat gerechent, dass deen Typ vu Produit erëm duerch d'Banneschëfffaart verluede ka ginn. Dëst setzt allerdéngs eng positiv Entwécklung vum Waasserzoufloss an de Rhäin viraus.

Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch